CSV
FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 FEV. 2020
1839

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 6. Februar 2020**

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

An enger Entrevue mat Vertrieder vun der Bauerenzentral huet den Här Landwirtschaftsminister informéiert, dass déi am Kader vum nationale Klima- an Energieplang ugekënnegt Hausse vun den Akzisen och fir den "landwirtschaftleche Mazout" géif gëllen. Mat dëser Decisioun ginn onweigerlech de Baueren hier Produktiounskäschte an d'Luucht a gläichzäiteg hellt de Konkurrenzdrock zou.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen

- Ass een Ausgläich fir des zousätzlech Belaaschtung fir Bauere virgesinn?
- Wann jo wat ass genee ugeduecht ?
- Wann nee firwat net?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 62/20

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 FEV. 2020

Luxembourg, le 25 février 2020

**Objet:** Question parlementaire n° 1839 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°1839 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen**

- **Ass een Ausgläich fir des zousätzlech Belaaschtung fir Bauere virgesinn?**
- **Wann jo wat ass genee ugeduecht?**
- **Wann nee firwat net?**

Eng generell Äntwert, déi eenzeg méiglech op déi gestallten Fro zu dësem Zäitpunkt, fënnt een am projet de loi 1) relative au climat et 2) modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement, Artikel 4, Punkt (5) : *« Toute mesure de politique de protection climatique est évaluée quant à son impact sur l'équité sociale et, le cas échéant, complétée par un mécanisme de redistribution financière calculée en fonction de la situation sociale des personnes concernées. »*

All klimaschutzpolitesch Moossnam gëtt demno laut dem Art. 4, Punkt (5) vum Gesetzesprojet n° 7508 betreffend d'Klima op hiren Impakt hisiichtlech der sozialer Gerechtegkeet evaluéiert.

Opgrond vun dëser Evaluatioun kann di respektiv Mesure gegebenefalls duerch ee finanziellen Ëmverdeelungsmechanismus komplettéiert ginn, dee no der sozialer Situatioun vun deene betreffende Persoune berechent gëtt.